

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 schreift den Här Energieminister zu dem potenziellen Impakt vun engem Embargo vu russeschem Gas a Pëtroll ënner anerem dat hei: *" Falls et an Europa den nächste Winter dann awer zu Liwwerschwieregkeeten am Gas sollt kommen, da mussen effektiv gegebenenfalls déi grouss Betriber als éischt ofgeschalt ginn, fir dass Haushaltsclienten, déi als geschützt gëllen, weider kënne beliwert ginn. Hei gëtt et genee Pläng déi vun den Netzbedreiwer ausgefouert ginn a wou, ofhängeg vun de Volummen déi feelen, festgeluecht ass wéi eng Kategorie vu Betriber ofgeschalt musse ginn".*

Dozou géif ech dem Här Energieminister gär dës Nofroen stellen:

- 1) Huet den Här Minister déi betreffen Entreprisë vertraulech doriwwer ënnerriicht, datt si fir den Eeschtfall op enger entsprecherender Lëscht gefouert ginn an ënnerert wéi enge Viraussetzungen dësen Zenario gräift, fir datt si dat an hirem Betribsplang mat akalkuléiere kënnen?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen a wéi engem Delai déi betreffen Entreprises iwwert den Antrëtt vum Eeschtfall informéiert ginn, fir datt si de Betribssoflaf a besonnesch och komplex technesch Anlage kontrolléiert kënnen eroffueren?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ob a Kooperatioun mat de betreffenen Entreprisë scho Sozialpläng ausgeschafft goufen, wéi d'Mataarbechter iwwert den entsprecherenden Zäitraum kënnen opgefaange ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten